PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28/01/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Konsummenteschutz weiderzeleeden.**

Eis ass e Fall bekannt, wou eng Persoun een neie Smartphone wollt kafen.Dës Persoun huet dowéinst no engem passende Geschäft gesicht an huet an der Vitrinne vun engem Buttik ee Smartphone gesinn, deen de Krittären entsprach huet. Beim Smartphone war e Schëld, op deem de Präis affichéiert war. Nieft dem Präis waren awer weder weider Konditiounen affichéiert, nach gouf mat engem Sonderzeechen wéi engem Asterisk op spezifesch Verkafsbedéngungen higewisen. Ganz am Contraire gouf e Präis "hors forfait" affichéiert. Am Buttik selwer gouf dunn dem Client de Verkaf refuséiert, mat der Begrënnung, de Verkaf vum Smartphone wär just fir Clientë reservéiert, déi bei hinne schonn een Abonement ofgeschloss hätten. Clienten ouni Abonement dierften de Smartphone awer net kafen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Fro stellen:

1. Kann ee Geschäft enger Persoun de Verkaf vun engem vun hire Produite refuséieren? Wa jo, ënnert wat fir Konditiounen ass dëst méiglech respektiv wat fir Virschrëfte mussen hei vum Buttik beuecht ginn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten